Question élargie n° 65

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2020

REÇU
Par Alff Christian , 08:03, 07/12/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zu den finanziellen Hëllefen fir Sportveräiner am Kontext vun der Corona-Kris un den Här Sportminister stellen.

D'sanitär Kris huet Sportveräiner an deenen leschten Méint haart getraff. D'Recetten vun den Veräiner sinn duerch den Confinement an d'Restriktiounen staark erofgaangen. Turnéieren konnten net statt fannen, den Verkaf vun Entréesticket'en, souwéi Iessen a Gedrénks ze verkafen war ageschränkt oder meeschtens guer net méiglech, a d'Memberskaarten (aktiv a passiv) sinn net méi bezuelt gi, fir nëmmen dës Beispiller ze nennen. Doduerch kommen vill Veräiner an eng finanziell Schiflag an den Risk besteet dat d'Kanner a Jugendlecher mam Sport ophalen oder an Zukunft hir Sportaart net méi an hirer Gemeng oder Regioun ausüben kënnen, an den Sport seng sozial Funktioun fir d'Leit am Allgemengen verléiert. Eng ganz Rei Veräiner bidden och Sportaktivitéiten fir eeler, krank (wéi z.B. koronal Problemer) a behënnert Leit un an et wier méi wéi schued wann déi dem Virus wéinst engem finanziellen Enkpass zum Affer géife falen.

Dofir géif ech gären dësen Sujet am Kader vun enger Question élargie uschwätzen an folgend Themen méi genau behandelen:

- Finanziell Impakter vun der Corona-Kris op Sportveräiner
- Mesuren vun der Regierung fir d'Veräiner finanziell ze ënnerstëtzen an hire Manque à gagner opzefänken
- Sozial Impakter vun der Corona-Kris op Kanner, Jugendlecher an Erwuessener

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Georges Mischo
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 07 décembre 2020

Objet : Question élargie n° 65 du 07.12.2020 de Monsieur le Député Georges Mischo - Aides financières pour les clubs de sport

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 85 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Monsieur le Ministre des Sports.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés